

Et geet ëm eis Gesondheet an ëm den Dateschutz

Pressematdeelung vum 9. Abrëll 2020

Bei allem Versteesdemech fir all Mesuren géint d'Corona-Epidemie hei am Land: Transparenz an Dateschutz mussen ëmmer sinn. D'Initiativ Research Luxembourg, Zesummeschloss vun ëffentlechen Fuerschungsinstituten, ass sécher e wichtegt Element am Kampf géint de Corona-Virus, deen d'ADR voll ënnerstëtzt. Datt Research Luxembourg fir d'Con-Vince-Etüd mat private Laboratoiren zesummeschafft, ass ze begrëssen. Datt awer eng privat Meenungsfuerschungs-Firma (TNS-IIRES) den Echantillonnage fir dës Etüd mécht, an bestëmmt, wie getest gëtt, ass net akzeptabel.

Getest gi sollen dräi Gruppe vu Leit iwwer 18 Joer: därer, déi gesond sinn, därer, déi ugestach sinn a keng oder wéineg Symptomer weisen, an därer, déi krank waren a geheelt sinn. Fir dës Leit ze kontaktéieren, muss een also ganz gezielten Informatiounen iwwert hir Gesondheet zur Verfügung hunn. An den Echantillon muss herno och nach representativ fir d'Bevëlkerung sinn, esou datt also déi Gesondheitsdonnéeë mat enger Rëtsch aner Informatiounen gekräizt ginn. Schliisslech leeft dës ganz Prozedur, ouni datt d'Leit am Virfeld informéiert ginn an eng Chance hunn, hiren Accord ze ginn oder net. Awer si ginn an e Grupp vu Mënsche gestach, dee riskéiert, als Facteur bei der Verbreedung vum Corona-Virus identifizéiert ze ginn.

Ob d'Etüd elo anonymiséiert gëtt oder net, de gesichte gesondheetleche Profil ass esou spezifesch, datt Donnéeën dozou net an d'Hänn vun enger privater Meenungsfuerschungs-Entreprise gehéieren. De Kommunikéieren vu Research Luxembourg seet näischt driwwer, wou déi Daten hierkommen, fir dës Selektioun ze maachen. Onkloer ass och, wat beim Meenungsfuerschungsinstitut duerno mat dësen Daten geschitt a wien alles dës Donnéeën ze gesi kritt. Firwat ginn net déi staatlech Datebanke geholl fir Leit eraus ze sichen? Firwat ginn d'Leit net vum Gesondheitsministère gefrot, fir matzemaachen, mat alle Garantien vum „secret médical“? Wéi eng zousätzlech Donnéeën iwwer d'Leit kritt d'TNS-ILRES duerch hir Participatioun bei dëser Etüd?

D'ADR versteet den Zäitdrock ënnert deem dës Etüd muss gemaach ginn. Mee et hätt sécher méi transparent Manéiere ginn fir déi Leit, déi un dëser Etüd deelhuele, auszesichen. Fir d'ADR ass et um Staat an um Gesondheitssecteur fir esou Etüden duerchzeféieren, an zwar mat alle rechtsstaatleche Garantien!